

Wann d'letzeburger Vollek aus dem gro'sse Stirwen sech d'negkét eruwert hätt, wir de Krich net emsoss gewiescht, net emsoss den Do'd vun onse Jongen, net emsoss all de' schwe'er Stonnen vun eise verschléfte Matbürger.

D'Union

D'Unio'n erschengt 2-3 mol d'Woch am Verlag v. d. Unio'n - Abonnement: 30 Fr. pro Quartal Einzelnummer 1.50 Fr. - Geschäfts- an amtlech Annoncen 2 Fr. pro Millimeterzeil. All aner Annoncen 1.75 Fr. - Expeditio'n a Redaktio'n: Nei-Awenü 49 - Telefon 28-70 - Postschek Nr. 6491 - Verantwörtlech ass de Redaktio'nscomitée.
Jor 2 • Numer 1 • 1. Januar 1945

LETZBURG DE LETZBURGER (DEVIS V.D. UNION) * ORGAN VUN DER UNION * ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

Enegkét an Höllef fir all Ongleck

Gedanken em Sylvester

Wa sech Neijorschdag-Muren zwé kleng le'f Kannerärmercher Iech entgéntstriewen an Iech en Himmel vu Gleck wönschen, we' sollt Der do net fro' sin an all Misär fir en Dag hannert Iech werfen!

Wann én de Bilan mecht vun all dé gudden a schlechten Deg am Joer, da bleiwen d'ér onsche'ner jo wuel genug lwreg, ower och aus dénen eso'gur könne mer nach e Quönkten Gudds erausfannen, op dem mer matt fröschere Hoffnong en neit Joer opbaue wöllen.

Grad d'Unio'n huet ké Recht ze verzoen, well sie huet no lánge Joer vun harter Arbecht am Önnerrond mat Höllef vun hire Member a Mattarbechter eng Press opgebaut, op de' se stolz ka sin.

Si gét de Wé, dén si als de richtigen erkannt huet, o'ni ze zeeken, kengem zu Le'ft a kengem zu Léds, ma och mat aller Energi gént all erbärmleche Versuch se kleng ze kre'en.

Plaz ass dach op der Welt fir jidferén, dé guddes wöllt.

A wann an desen Dég Dausende vun onse Matbürger mat hirem Päckelchen önnerm Arm Haus an Haff hu verlosse missen fir d'Liewen ze behalen, dann ass et dach bestömmt un dénen, de' nach önnerr Dag sin, sech ze ploen an ze hóllefen wo' et ne'deg ass, o'ni ze warden an o'ni Berechnong.

Sidd gudd zesommen, me' brauch et net!

Dat ass onse Neijorschwonsch 1945.

1945



Ons jengst Unio'nistin, d'Unio'nsorgan an och d'Unio'n wönscht all Abonenten a Memberen vill Gleck am neie Joer an endlech Friden.

Mer musse spuren

De ravitaillement gët e schwirege problem

Nodem d'preisen d'land verloss hatten, wor onse ravitaillement erschwert, well den occupant villes mat de seit geschleht hat an d'transporter fir zivil zwecker durch de stéllstand vun den eisebunnen an d'aschrámkong vun strosseverkèer op e mindestmoss reduziert gouf. Keng kuelen, ke benzin woren am land, ganz deler vun eiser hemecht louten broch, well d'leit evakuert woren a keng hand mè fir l'andwirtschaftlech- oder d'wénzerarbechten an dene gebidder surge kont. De ravitaillement vun der populatioun mat dene nédegste liewensmëttelen a landwirtschaftleche produkteur gouf gleich geschéckt ugepakt, d'follech wor, datt d'letzeburger, trotz de schwiregen emstänn, liewensmëttelrationen beibehalen hun, wè se vill aner demokratisch staaten am krich net mè kant hun.

Wat dem commissariat fir de ravitaillement am meschte surge gemach huet, wor d'mèllechversurgong an d'botterproduktioun, zwe faktoren, de durch den transportstop an nèt wéner durch d'evakuatioun vun engem grouss bestand u mellechke ganz urg handicapert woren.

Vu métt dezember un hätt eng augmentatioun vun der mellechproduktioun antriede sollen, woumat och d'botterproduktioun sech erhège geloss hätt. Et wor z'erwarden, datt dat evakuert vè, delweis durch eng gudd organisatioun, an och durch d'hëllefberedschaft vun de verschoute bauerer, eng normal fudderzoudelong krit hätt. Alles wor um gudd wé fir ons liewensgrundlag ze stabilisieren, du op emol kour eng nei militäresch entwécklung an huet ons d'plangen em d'organisatioun erëm iwert d'kopp gewor. Mir gesin dem verlaf vun den neien operatiounen un onser ostgrenz an och am èsleck mat rou entgènt, ma d'evakuatioun vun der bevölkerong aus dene gégenden an d'ofwecklung vun operatiounen an dene landstreecher zerstèrt ons nes eng partie vun onse landwirtschaftleche reservequellen, soudatt mir an zoukonft, mat dem wat ons bleiw, èmsou besser a gewässenhafter wirtschaften mussen. Ons prévisiounen iwer d'dauer vun der versurgong aus egene nationale kräfte si nèt mè richtig, well den émfang vun de reserven ofgeholl an d'zuel vun de

konsumenten am ganzen, — mir hoffen et wéngstens, datt de mescht leidt dem preiseschen zougrëff un de grenzen an am èsleck entgange sin, — deselwecht bliwen ass.

Konnte mir bis kierzlech behapten, mir hätt fleesch genuch bis März-Aprél, an och weess genuch bis den import erëm mëglech wir, da musse mir elo warscheinlech de daten vun zouschossbedarf mè no erbei réckelen, oder awer d'rationne mè kleng maachen. Beim brouit krée mir den ausfall elei bestémmt ze spiren, wa mer bedenken, datt muench bauerer mam dreschen zreck woren, an och des an de aner millen vun de neien operatiounen betraff ka gin. Fleesch hu mir a gréssere quanten, a glécklecherweis sin de bescht vébestänn net grad op dene plazen, de elo de krich iwer sech ergo losse mussen, me ouni zwiweil get vill vè an der nächster zeit drop, an d'rationne mussen och do erfogoen, et sief, d'situatioun gët sech seer, wat mer hoffen, klären, a mir kènte geschwin op fleeschimporten zielen. Natirlech ass d'fro vun der fleeschzoudelong och eng fro vun dem transport an et ass villeicht mè eng grouss reserv fir d'schluethaus do wè mer mengen, wann d'transportmèglechketen erëm mè grouss gin. Natirlech, esou optimistisch mir elo och sin, mir derfen et ower nèt vun der hand weisen, datt militäresch operatiounen länger zeit un onser grenz an am norden virugin, an de verkèer nach mè wè bis elo ganz fir militärbewegongen an usproch geholl gët.

Ausser der verknappong am ravitaillement u liewensmëttelen gët och den industriellen approvisionnement durch d'évenementer gesant. Bestémmt industrien, de an der geforenz leien, haten de fabrikatiounsprozess nach net opgeholl, hauptsächlech well d'matière première gefelt huet, anerer ower musse stéll stoen, wann de kanonnen-donner ze no erukent. Et mag sin, datt dadurch a gewisse branchen vun der nationalwirtschaftlecher fabrikatioun eng period vu stéllstand antrëfft, wat sech natirlech um gelenkte rationne-mart och auswirke muss. Wat ower net wéner den industriellen approvisionnement schwächt, fir d'bedürfnesser vun all den evakuerte selwer, de oft ouni brauchbar schong, mat wéng gudd kleder an dobei mussen am wunter an denen aneren agglomeratiounen ukommen an e bong fir schong, kleder a wèllendecken direkt nédeg hun. Et gët e schwirege problem fir d'ernährungsamt an net wéner fir d'wirtschaftsamt, well de zwou instenzen de verfüglech reserven no engem ganz gerechte masstab verdele mussen.

Dè nei situatioun kann sech op allen, a net fir d'lescht och um finanzgebidd auswirken, wa se net serié vun alle bedegelten ugepakt get. Fir d'èscit ass beim verbrauch am konsum vun allen artikelen ze spuren, a nëmnen laan, wat den industriellen ravitaillement ubelangt, en antrag fir eng zoudelong ze stellen, wann en et mat sengem gewesse verantworte kann. Zwetens mussen all de instenzen, de un der verde-long bedegelt sin, all persénlech momenter fale lassen a nëmnen denen eppes freigin, de en drengleche besoin nowiese können. Wat d'versorgung mat landwirtschaftleche produkteur ubelangt, muss stark kontroll bestoen, datt de nédeg quanten zeitlech ofgeliwert gin, an dréitens muss de schwarze mart ganz ausgeschalt gin mat senge wuenerpreisser, de bei verknappete wurelager d'inflatioun op schnellem we an d'land brengen gengen an ons bei geleentlechen importen ganz verarme géwen. Mir musse virum allem disciplin halen, da meschte mir d'situatioun a kènnen et am richtige moment och errechen, datt, wa mar mol onbedegnt eppes am ausland nédeg sin, en importwe fond get, den ons de gewünschte wuren erlést, ouni datt ons finanzen d'preilaascht ongèschtegt spire geg.

Servus.

Arbechter fir Landwirtschaft

Scho virum Krich wollte vill ze we'neg Arbechter bei de Bauer schaffe goen. Wofir wor net schwe'er ze fannen. Emol kont de Bauer net de' Le'n bezuelen, de' den Arbechter bei der Industrie verdengt huet. Da wor seng Arbecht och heim Bauer net eso' stonneme'sseg begrenzt a re'gelme'sseg we' bei der Industrie. Seng Freizeit wor knapp an doniewent ass, we jidferé wéss, um Duref keng Me'glechkét sech e bösschen z'amese'eren. Ké Kino, kén Danz, net vill Sport. Dat wichtigst ower wor, datt et dem Bauereknicht net me'glech wor sech ze bestueden, o'ni seng Arbecht beim Bauer an um Duref obzegin.

Virum Krich ass scho gesicht gin, fir Möttel a Wéen ze fannen, fir d'Arbechtskräften um Duref ze behalen. Mé et ko'm net derzo' radikal Möttel anzefé'eren, an eng provisoresch Le'song go'f getraff doduerch datt polnesch Landarbechter erbeibruecht go'wen.

Haut ass de Problém me' akut gin we' je virdrun. De' friém Arbechter si fort an de Bauer ka keng Höllef fannen fir seng Arbecht ze machen. Dat ass elo nach me' schlömm well och nach eng Parti Bauerejongen durch d'Preisen verschléft go'wen. Et wor duerfir ne'deg, datt de Problém resolut an ob eng ganz nei Mane'er ugepakt go'f.

Den Nationalrot vun der Arbecht huet engem Projé zo'gestömmt, dé, wa mer net iren, dem Her Putz, Conseillé vun Landwirtschaftsdepartement, zo'zeschreien ass, no dem fir d'landwirtschaftlech Arbechter e Spuerkésbuch ugeluegt get, an ob dat all Jor vun Staat eng bestömmt Zomm abezuelt get. Fir dat e'scht Jor sollen et 1200 Frang sin, fir dat zwët 1500 Frang an fir dat drött an de' weider Jor 2400 Frang all Jor. De' Zommen, de' eso' sech ob de' Spuerkésbücher usammelen, sollen dann no 5 oder 10 Jor vun dem betreffenden Landarbechter opgehewen könne gin, oder och, wann en sech wöllt bestueden.

Ob de' Mane'er soll dem Landarbechter en Ersatz geschafe gin, fir dat wat

hién beim Bauer mander u Lo'n kritt ass we' bei der Industrie. E soll dann och an d'Lag versat gin, sech eso' e Kapital ze erspueren, matt dem en sech no enger Zeit selbstännech ka machen. Et darf net vergiéss gin, datt et sech dobei nómme em e staatlechen Zo'schoss handelt an datt den Arbechter doniewend selbstverständlech sei Lo'n kritt, vun dem en sech och kann Erspuernesner machen, eso' datt en am Laf vun de Joren eng sche'n Zömmchen zsummenspuere kann.

Matt gro'sser Satisfaktio'n konnt é feststellen, datt all Kréser, de' am Nationalrot vun der Arbecht vertruede sin, sech èneg woren, datt eng direkt Le'song misst getraff gin, an datt och keng Stömm sech gént de' Propositio'nen erhewen huet.

Grad eso' we'neg we' och gént de' aner Propositio'n, de' d'Fro vun engem Stage an .engem landwirtschaftlechen Betrieb virgeseit, dén zwé Jor dauere soll, fir all Arbechter, dén bei der Industrie an Arbecht wöllt goen. Wann och d'Bedenken, de' den Her Brauns-hausen oppeworff huet, datt eng force'ert Arbecht net ömmer eng gudd Arbecht ass, da muss ower och jidferén matt him èneg sin, datt elo, wo' No't um Mann ass, och dat Möttel, dat virum Krich scho virgeschloen gi wor, haut ergraff muss gin. Et ass z'erwarden, datt do' jong Leidd guddé Wölle weisen, well si jo och agesi mussen, datt d'Arbecht beim Bauer muss gemacht gin, fir datt mer me'glechst vill Liéwensmöttel zillen. Mir zwiwelen net un hirem guddé Wöllen an hiren nationaler a patriotischer Gesönnong.

Et ass ower och kloer datt des direkt Möttel, zesommen matt der Beschafong vun ausländeschen Arbechtskräften, nómme eng provisoresch Le'song können erbeife'eren. Iwerdém, wo' mir zo' hinne greifen, an iwerdém wo' si hir Wirkong hun, musse mir me' de'f schaffen an eng Le'song virbereden de' fir def' iv unzegesin ass, an de' eng dauernd Besserong um Arbeitsmarkt

vun der Landwirtschaft erbeife'ere muss.

Mir können durfir d'Ausfe'erongen vun Her Conseillé Putz nómme önnerrstreichén, an dénen hié festgestallt huet, datt eng dauernd Le'song nómme kann errécht gin, wann de Bauer an der Lag ass, Le'n ze bezuelen, de' matt dénen, de' d'Industrie bezillt, (Get fortgesat op der 3. Seit)

WAT SOSS an der Welt virgét

D'Schluecht am Westen gët nach ömmer eso' stark weider. D'Preisen hatten op dem Frontsektor töschend der Musel an der Roer all verfügbar Reserven u Panzer an Infanterie zsummegezun. Hire Plang wor, op sechs verschide Plazen, an zwar bei Montjoie, Malmedy, St. Vith, Clirf, Veianen an Echternach durchzubrechen, de 6 Keiler am Blózttempo iwer 100 Kilometer virzedreien, a sech dann ze verénigen. De enösch Halschent wir dann schnell no Süden ömgedrét, hätt Letzeburg, Diedenhuewen a Metz vun hane geholl a wär den Amerikaner an der Saarfront an de Reck gefall. De' ewösch Halschent wir no Norden ofgedrét, hätt Léck, Bressel an Antwerpen vun hane gehol a wir den Amerikaner an den Englänner an Holland an un der Aachener Front an de Reck gefall. Dorobberhin wären sie dann op d'Küst zo'gesto'ss, an an England iweresat. De Plang war awer ze vill schén, fir wo'er ze sin. D'Preisen hatten net geduecht datt d'Amerikaner d'Situatio'n so' schnell erfasse géwen. Sie hatten och net mat den amerikansche Fliieger a Panzer gerechent. Haut ass d'Situatio'n eso', datt d'Preisen op denen zwó' Flanken misse'erlen Ugröffen ausgesat sin. Et ass hinnen nómme gelongen de

möttelste Keil durchzedrecken an his op d'Maas bei Namur durchzesto'ssen. D'Mégechket bestét, datt d'Amerikaner de Keil am E'slek ofschneiden an da wéss nach kén, wien de gre'sste Féler gemächt huet. Ewell dann stét den Amerikaner de Wé op fir frei an Deutschland eranzerecken.

An Ongeren gin d'Russen weider virun. Budapest ass ageschloss mat 70 000 Preisen. D'Preisen wieren sech verzweifelt, well, wa Budapest fällt hun d'Russen d'Eisebunnsliin Lwow-Budapest op, an d'Linien fir de Noschub get Honnerte vu Kilometer me' kleng.

Op de Philippinnen ass d'Insel Leyte ganz an amerikanscher Hand. Dé Insel ass an der Mött vun de Philippinnen gele'en. De' Me'glechketen, de' d'Amerikaner dodurch elo hun, fir de ganze Komplex Inseln ze besetzen a konzentresch ge'nt d'japanesch Noschublinien a ge'nt Japan selwer fir ze goen, sin elo net ganz ze iwersinn.

An Italien gët de Krich vun Durf zo' Durf a vu Städt zo' Städt D'ganz Land get systematesch zerstèrt. Italien wèrd nie mé matt de Preisen e Krich ufänke wöllen.

(Get fortgesat op der 4. Seit)

Nationalerze'onk

De Patriotissem bei de Griechen. (Forts.)

Nodem de Perikles d'Athener zunn Krich matt Sparta, hirem Do'fsfeind, verliet, nodem an de Schluechten d'jong Zaldoten vun der athenescher Republik gefall. — de Jonktem, dé fir d'Hémecht ass, wat d'Fre'jor fir d'ganz Jor, we' hie selwer sét, — do huet seng Berédsamkét we'negstens de' richtig Wierder font, fir den Do'd vun dese jungen Helden ze beklon o'ni ower den aneren den Mut ze huelen. Vrun hirem Monument huet en de' berühm't patriotesch Leicheried gehal, de' den Thukydides am zwéte Buch, Kap. 35-47 eremget am d'we' mer net versoe kann, ganz kurz zuszammenfassen:

„Mir surgen fir d'Muecht vun der Hémecht, mir bewaisen hir ons Le'ft wa mir net me'sseg bleiwen, mé handelen. Gewöss, dir derft iech un hirem Rum erfren; ower dir sollt dobei net vergiessen, datt Helden hir des Gre'sst verschafft durch hire Mut, durch hire Flichteifer, durch d'Furcht sech an de Schluechte feig ze weisen. Si woren net glecklech a verschidden Expeditionen an trotzdem hu se net hir Kraft dem Stat entzun; si hun et also fir hir Flicht ugesin, fir dem Pappeland sech selwer ze afferen. Si hun allegur der Hémecht hir Perso'n geaffert an dofir krut jidferén onstirvlecht Luef an en E'regrastén. Net dén, wo'renner se elo ausro'en, mé e Monument, dat ömmer an e'weg stoe bleiwt am Gediechtnes vun der Mönshé. D'Graf vun de gro'sse Männer ass d'ganz Welt. Et ass net z'erkennen durch eng gólde Schróft op enger Marberseil; et ass vill besser a vill me' secher erhalen am Gésch, an der Se'l vun den Natio'nen, we' op protzege Monumenter. Jungen a Briddler vun dénen de' net me' sin, ech gléwen, mir krit e' gro'sse Kampf ze bestoen; well jidferé luewt gár all de', de' net me' sin, a wár der och nach eso' dichteg, dir kommt kaum u si erun. Mat wat der wóllt, dir sit a bleiwt nun émol Rivalen, de' nidderegehal gin; mé jidferén erkennt gären a Verdengsch un, dat kengem Rival am Wé stét.“

Dat si gewöss sche' Wierder, vun enger wirklich antiker Gre'st de' ons eng he'ch Idi vum griechesche Patriotissem gin. Eppes weider mecht de Perikles ons matt der refterlecher Art a Weis bekannt, matt der d'Athener haut vru 25 Jorhonnerten hir Ideale ze verbréde gesicht hun. Wann é seng Riéd liest, da frét én sech, ob wirklich eng Stad aus dem groen Altortem am Spill ass; et frét én sech, ob de gro'ssen Athener net senger Zeit virgegraff

huél, ob hien net d'Ideal vu ville moderne Natio'nen eroden huet, eso' gro'ss ass sein Optimissem, sei Vertrauen, seng Toleranz, sein Drif den aneren sech mattedélen. De Sig vun den atheneschen Ideen schengt him mé wichtig ze sin we' d'Integrité't vum Territorium, we' d'materiell Wuel vun Athen.

„Mir offere'eren“, sét en, „ons Stad alle Mönshen; et get ké Gesetz, wat de' Friem draus férhált oder hinnen de Notzen vun onsen Arichtongen firent'hált. Mir hun neischt ze verstoppem; onse Feind ka vun allem profite'eren, wat mir hun. Mir verlossen ons net op Faleleén, op Schlech a Kniff. Ons Kraft hero't op onsem Mut an onsem Fleiss. Dat ass et wat ons Republik wért mecht, bewounnt ze gin. Mé si huet nach aner Verdengschter opzeweisen. Mir hun an ons de Gu fir dat Sche'nt, ower matt Möss; mir gin ons mat Filosofi of, ower o'ni verwécklecht ze gin; hu mir Schätz opzeweisen, da wesse mir se richtig unzewennen a gin ons net dermatt bretzen.“

D'UNION wönscht op desem Wé all hire Sektio'nen e glecklecht neit Joer, dat ons endlech de Fridde bringe soll de' mer brauchen fir den Neiofbau vun engem bessere Letzeburg, vun enger besserer Welt. - Si hofft datt all ons Sektio'nen, we' bis elo, daper mathölefen dat schént Zill z'erreichen oni dat d'Liewen ké Wert kann hun fir en gudden Zillist.

Den Zentralcomité vun der Union.

De Redaktio'nscomité vun Unio'nsorgen

De' nei Adress vun der Verwaltung ass: Unio'n Letzeburg, Josefstroos N° 7

An engem Wurt, ech kann et kéng behaupten: Ons Republik ass d'Scho'l vu Griechenland. Mir schengt et we' wa jidfer Bürger dran matt enger wonnerbar glecklecher Empfänglechkétskraft versé wir, de' ni ofstést an hien an de Stand setzt eng gre'stme'glech Zuel vu verschiddenartege Kalité'ten unzeégnen.“

Dat also wor d'athenesch Hémecht; hir Mängel trieden zreck war mir bedenken, we' gro'ss hirt Entge'ntkommen, hir Offenhé, hirt Wössen an hirt Könné wor, de' durch hir harmonesch Unio'n mattenaner de Rum vun Athen fir ömmer gesechert hun. Dat Wierk, dat Athen sein égent nennt, huet ganz op der Sche'nhét an op der Hémechle'ft hero't. Trotzdem huet Athen den hellenesche Poeten net eso'vill a keng eso' leidenschaftlech Lidder inspire'ert, we' Jerusalem a Sion de jüdische Profeten. Doraus erget sech, datt d'Se'l

vun der griechescher Hémecht sech der Se'l vum griechesche Land we'ner durch Gesank a Poesie mattgedélt huet. Si huet sech op eng aner Maner'er geoffenbart, námlech durch d'wonnervoll Kónschtler vun de griechesche Kónschtler, durch Moler we' den Zeus an Apelles, durch Bildhaer we' de Phidias, Praxiteles, a vill aner. D'griechesch Artisten hun ongeheier vill felerio's Statuen vun Heroen, Athleten an Götter geschaf. Mir vergiessen de' öonner Strejdereien, d'Rivalité't vu Sparta, Athen an Theben fir d'Méschterschaff, d'Proskriptio'nen an de Birgerkrich an de méchte Stied, wa mir des Wonnerwirker gesin, an dénen d'Se'l vum Griechevollech hire plasteschen Ausdruck font huet.

Wivill Beispiller vun rengem Patriotissem fanne mir an der Geschicht vun dem Land! De Leonidas fällt matt sengen 300 Mann an der Thermopylen, fir dem spartanesche Gesetz trei ze bleiwen. Den Cynegiros, de Brudder vun Dichter Aischylos hält matt den Hänn am Golf vu Salamis e feindlechen Nacher matt Zaldote fest; de Feint hét em be'd Hänn of, an den Cynegiros heisst an d'holz fir d'Scheff festzehalen. Den Epaminondas mecht Theben

zur e'schter Stad a Griechenland a stirwt ro'eg, nodem e wéss, datt de Sig op senger Seit ass. De Philopömen, de „Leschten Achäer“ genannt, sicht d'Énekkét töschent den hellenesche Stämm hirzestellen, wat him och fir é Moment geleugt.

An eso' misst é Seiten a Seiten schreiben, fir all de' politesch a Krichshelden ze nennen, de' aus der griechescher Geschicht eng wirklich Scho'l gemach vu Kenghé a Verwöh'hét, vun Eleganz o'ni Verwéckelchong, vun intellektueller Kultur a physescher Tätégké. Nach haut greife mir gár op dat griechesch Altortem zreck, well mir wössen, datt mer net an der Nuecht vun engem Graf verschwanen, mé ons erfäre können un der Sonn vun der griechescher Zivilisatio'n de' vu kenger anerer bis haut verdonkelt go'f.

(Get fortgesat)

Biller aus dem Krich

Aus dem ... „Musee“ ...
3. September 1942.

No vleicht fönnef Minuten ho'l den Auto virun der Villa Pauly.

En onhémlecht Gefill kreicht mer de Reck eran. Ech menge, mir hun ons all net gescheit ugekuckt; et ka sin, datt ech och nömmen domm gesin hun!

We' mir aus dem Prisonsauto geklomme sin oder villmé' erausgeworf si gin, hu mir missen durch e Spale'er vun SS erdurch. — D'Garde d'honneur!

„Elo félt nach eso' e schmassege Marsch“, huet mei Newemann gegrommelt. Et wor e ganz länge Kerel. A we' e Fluch: irgend so' eng weiss Lo'der vu Sekretärin dre't de Radio op: de Marsch vun den „Alten Kameraden“.

„Ausgerechent och nach „Alte Kameraden“, hun ech geduecht, we' ech de' Komerode bekuckt hun.

Mir woren zu siwe Studenten. En nom aner go'f mam Gesicht ge'nt eng Mauer gestalt. Do sto'nge mer onge'ler eng Ve'ere'stonn. Mé ech hu geduecht, et wir eng E'wegké. Mir hun ons net re'eren a ke'eren dirfen, well soss hu s'é mam Fo'ss gerannt, datt de Kapp wider d'Mauer geschloen ass. An d'Mauer war zolit gebaut! Ech sto'ng als leschten an der Rei. Ech wéss ower net we' ferm datt d'Mauer ass, well ech sto'ng we' e Stack.

Et ko'm én d'Trap erf. „Ist das der ...?“ hu ech e matt eisem Wiéchter schwätzen he'eren. Ech menge, ech há verstanen.

„Du hun ech mech missen ömdre'en. No enger gewösshafter Bemöschterong, wo' ech eng säftig op de Bak krut, hu se meng Personalien opgeholl. Ech go'f dun d'Trap ofgefo'ert. En Zellewiéchter huet mech mat Fo'sstrött zu enger Zell geléd. Et wor schon én dran. „Moien“, sot ech, an ech wor gur net paff, we' sech d'Stömm vu mengem beschte Frönd gemellt huet. De René de la Motte huet mech ugegrinst: „Du muss ower och iwerall derbei sin!“

De René de la Motte go'f verhaft we' ech, an zwe' Komeroden so'tzen beinenén an enger Zell.

De Geck am Ufank go'f gro'ssen Irscht. Ké sét me' eppes. „Du wéss, wat mat eis geschitt!“

„Jo, ech spiren et. Mir zwé, mei Jong, stí vrun engem Iwergangsstadium zu engem neie, freie Liewen!“

Mir hun eis d'Hänn gedreckt. Elo' sto'nge mir ons vis-à-vis. Hand an Hand. Frönn fir d'E'wegké. Unenégeschwéss durch d'Liewen, vrun neie Liewen.

D'Zellendir go'f opgemá. Et wor oder et huet missen halwer zeng sin, well eng Auer huet anzwo'sch d'half Stonn geschloen. Dem René de la Motte a mir go'wen d'Ae verbonnen an d'Handschellen hun ageschnappt.

„Vorwärts, ihr Hunde!“ Mir sin éng, zwé, drei Trapen erfgekollmen. Démols há ech d'Trepplecker gezielt, mé d'Zuel hun ech vergiess.

Du si mir an e kált Gemách gesto'ss gin. Ech hun durch d'Bönn gespurt, datt e schárf Licht gebrannt huet. Fich! wat eng Loft! Steckeg, we' eronne Bludd! Eng Loft vun Do'deskrésh a Fatzen zrass! Ech konnt net dofir, ma d'Kne'en hu mer gezzidert.

Loft! Loft! Frösch Loft! Et get mer kal we' Eis an eröm gliddep wärm an eröm we' Eis. Gleich droop he're mer d'Getrapps vu Stiwelen. „Liquidierungskommando ... halt!“

Ech há mech fir é Moment net me' an der Gewalt. — Mei Liewen ass mer eppes wert, an et ass mer net fél! Vleicht iwerschätzen ech, ma dofir kann ech net!

„Salve ...“ an!“ — Keng Äntwert — neischt! Eppes ass mer d'Bén eropgekroch, lues, ganz lues, let sech mer op de Mo an op d'Hé'z, burt sech weider bis an den Hals, datt ech mengem, ech ge'f erstecken ...

Den Do'd virun Aen, gesin ech mei ganz vergángen Liewen an all niewesáchlech Einzelhéten, de' ech läng vergiess, eng Hällewull Biller, de' sech tommlen, fir sech ze weisen. Der Do'dschwéss gét mer aus. De' schreckleche Loft!

Loft! Loft! „Liquidierungskommando ...“ Elo muss et kommen ... d'Nerven si fir ze zrisseis gespannt. „Feier“, wöll ech ruffen, mé et gét net.

„Rapp dech zezummen“, rifft et a mir. Ech beissen d'Zánn zezummen. — Bludd, Bludd, iwerall Bludd ... wat eng Loft!

„Halt!“ — Wat héscht halt? A mengen O'eren e Gedeisch, we' wann d'Welt önnge'ng. Et get ro'd virtu mengem Aen. Bludd, Bludd, verstin ech nach. — Loft! Loft! — elo ... elo muss ech erstecken!

Nén, nén! nach eng Ke'er rappen ech mech matt der leschter force zezummen. Blei an de Glidder! Et muss ... t muss! Do hun ech et gepackt!

Endlech! Loft! frösch Loft! A. J.

Causerie iwer

„De blanne Jang“

Et ass schons eng Weil hir, datt den Hér Geschichtspröfessor Josy Meyers, dem sei Numm am Letzeburger Land a weit iwer ons Grenzen eraus de béschte Klank als Historiker huet, an Radio geschwat hüt iwer de gro'sse Man aus der Letzeburger Nationalgeschichte, dé se de „Blanne Jang“. Grof vu Letzeburg a Kinnek vu Be'men nennen. Et stömmt alles, wat hie vum strenghistoresche Standpunkt aus iwer de famo'se Blanne Jang gesot huet, et stömmt emso' me', well de gre'ste Letzeburger Historiker, Prof. Nik. van Werveke, zo' démselwechten Urdél iwer d'Perso'n an d'Akten vum Blanne Jang kom ass.

D'Zuel vun den Historiker, de' sech ausfe'erelech mam Blanne Jang befásst hun, ass se'er gro'ss; et wár gewöss interessant, emol ze vergliechen, we' hie beurdélt get vun de Be'men, vum Palacky beispillsweis; vun de Franzo'sen, vrun allem vun Jean Froissart, dann dem Comte de Puymaigre, dem Michélet; endlech vun de Letzeburger, an e'schter Linn vun Prof. Schoetter, vun dem Lenz, dem Alfred Lefort, dem Dr. Glesener, dem Charel Kohn, dem Prof. Nik. van Werveke. Nach mé' interessant ass et ower vleicht, d'Fro opzewerfen an ze beántferen, we' d'Dichter, d'Kónschtler an d'Komponisten sech zum Blanne Jang agestallt hun.

Ongeheier vill ass et net, wat mir do fannen; se'er vill ower am Vergleich zo' dem, wat d'Dichter, d'Kónschtler an d'Komponisten matt Bezug op den Hary VII, de Papp vum Blanne Jang, de mächtigen deitsche Késér a gro'sse Frönd vun Dante, geschaf; wat sie matt Bezug op de Charel IV., de Son vum Blanne Jang, den och deitsche Késér wor an de' famo'se „Gelde Bul“ erloss huet, ons hannerloss. Wann et nach zweiwelhaff wir, wé vum dén dreigezannnten de „Letzeburger Nationalheld par excellence“ ass, da ge'f ganz secher d'Astellong vun den Dichter, Kónschtler a Komponisten, zemol am Letzeburger Land, de klöre Beweis derfir liewen, datt den eigentleche Letzeburger Nationalheld kén aneren ass we' de Blanne Jang, den énzenen iwergens vun dénen drei, un dén d'Ernenneronk an der Se'l vum Letzeburger Völek setze bliwen ass. All Respekt vrun der nobler

GESCHICHT / KONSCHT / LITERATUR

Figur vum Késér Hary VII; et ass ganz a gur natirlech, datt e gro'ssen Dichter we' de Nik. Welter hié verhérelecht huet an deser oder an der méschterlecher Ballad an eso'gur an engem nach läng net genoch he'chageschaten Drama, betitelt „Dantes Kaiser“, we' och an der se'er interessanter Broschür „Mit Kranz und Palme“, d'Beschriewong vun der Rés, de' den Autor matt enger Letzeburger Deputatio'n no Pisa zum Graf vun Késér Hary VII gemat. Dat ass ower och zimlech alles, wat mir am Letzeburger Land op dem Gebitt vun der Literatur, Kónscht a Musek iwer den Hary VII opzeweisen hun; vu sengem Enkel, dem Charel IV, ass menges Wössens glat neischt do.

Ganz ansécht stét et do mam Blanne Jang, am Ausland so' gudd we' am Inland.

Vu franseschen Dichter aus dem Mottelalter besangen ons „Blanne Jang“ der drei: De Guillaume de Machault, de sei Privatsekretär 30 länger Joer wor, de Geoffroy de Paris an de Froissart. De gro'ssen Dante applize'ert op hien an engem Bre'f un den Hary VI. Versen aus dem Virgil. Vun deitschen Dichtern aus dem 19. Jorhonnert sin z'ernimmen: De Wilhelm Müller; den Tre'erer Philipp Laven; de Gustav Schwab; aus leschter Zeit de Romandichter Lion Feuchtwanger, de vun der Perso'n an dem Glanz vum Blanne Jan e Bild entwerft, dat einfach gro'ssartig ass, we'negstens wat sein Openhalt an Italien ugét. Op Letzeburger Seit hun de Blanne Jang verhérelecht: De Student Mathias Mongenast, de spe'der Generaldirekter go'f; de Paschto'erJakob Protz; de frere'r Generaldirekter Nik. Welter; de Prof. Willy Goergen; de Georg Wagner, frere'r Sektio'nspräsident vun der „Letzeburger Nationalunio'n“; de Siggy vu Letzeburg. En exzellent Gedicht op fransesche iwer den „Do'd vum Blanne Jang zo' Crécy“ huet als jonge Student den Hér Prof. Math. Tresch geschriwen. Och en Dramatiker huet sech fonnt fir de „Blanne Jang“ op der Bühn optrieden ze lossen, námlech den Hér

Prof. Nic. Ries, dén als jonge Sekundaner an deitscher Spröch onse blannen Held zur Hap'perso'n vun engem Rötterschaulspill gemat, dat zu Fluesweiser, am Hémechsdurf vum Autor, matt gewaltigem Erfolg opgefo'ert go'f, e Beweis derfir, we' populär de „Blanne Jang“ eso'gur bei onser Landbevölkeronk ass.

Ons Komponisten hu sech vill me' spe't matt der Perso'n vun onsem Nationalheld ofgin; bis elo sin der blo'ss drei ze nennen: J. A. Müller, Alfred Kowalsky a Pol Albrecht.

Datt d'Perso'n an d'Geschicht vum „Blanne Jang“ fir d'friem a fir d'Letzeburger Artisten eng dankbar Fondgrö'f fir „Süjéén“ ass, brauch wuel net wider beto'nt ze gin. Wié kennst net dat gro'st Bild vum deitsche Moler Stilke, dat am Schloss Stolzenfels um Rhein hánt, a vun dem de Letzeburger Moler Ferdinand d'Huart eng exzellent Kopie gemat, de' an der Aula vum Kólle'sch hánt? Virdrun hate schon d'Letzeburger Moler Liez a Wiser d'Opfanne vun der Leich vum Blanne Jang um Schluechtfeld zu Crécy gemolt; dem e'schte sei Bild ass leider an d'Ausland gáng, dem zweite seint hánt zo' Letzeburg an der Regironk. Ganz besonesch ower huet sech den Hér Prof. Blanc fir de „Blanne Jang“ interesse'ert. Net eleng huet hie vu Prag a vu Wien eng ganz Rei vun Zéchnongen mattbruecht, de' onsen Nationalheld durstellen, hien huet och selwer we'negstens eng hallef Dose Biller gemolt; als jonge Mönsh, we' en um Föschmárt he'ch zu Pérdr vrun den 3 Steiler hált a vum Stadrot begre'st get; we' en d'Burg um Bockfiéls erareit matt senger Ritter; we' en zo' Crécy d'Pérd unenkoppelle le'st, fir sech matt senger Leibgard vu 50 Rötter op d'Englänner ze stürzen, etc. etc. Kónschtler behaupten, dem „Blanne Jang“ sei Sigel wár de sche'nsten vum senger ganzer Period. Och vun dem huet den Hér Prof. Blanc eng méterhe'ch Vergre'sseronk gezéchént, de' vrun den Hér Prof. Battya a Lucien Wercollier als Gipsmodell gegoss an zo' Bréssel als Bronzerelief

ausgef'e'ert go'f, fir hei zo' Letzeburg un dem Fiélsblock richtiwer vum Huelen Zant ubruecht ze gin. — eng Feierlechké, de' nach emmer op sech warde le'st, fir de' ower de Prenz Jean d'Protektorat an den Hér Minister Jos. Bech d'E'repräsidium iwerholl hun. Um Monument, dat dem Blanne Jang d'Stad Crécy gesat huet, ass gené déselwechte Relief ze gesin. Eng zwé Reliezéchnong vun Hér Prof. Blanc huet de weit a brét bekannte Letzeburger Kónschtschlesser Mich. Haagen vum Lampenberg prächtig ausgef'e'ert. De' Arbecht mecht him all E'er. Och de Kapp vum Blanne Jang, dén de Letzeburger Bildhaer Federspiel vru länge Joren iwer enger Fönster vun neie Statio'nsgebei op der Gae ausgehaen huet, muss jidferengem opfalen.

Wann ech nun nach op de' pur Biller vum „Blanne Jang“ higewisen hun, de' sech am Codex Balduineum fannen — den Artist ass net bekannt — dann hun ech eso' zimlech alles ernimmt, wat vun den Dichter, Komponisten an Artisten matt Bezug op de „Blanne Jang“ geschaf ass gin. De Blanne Jang ass démmo de Letzeburger Nationalheld par excellence trotz all senge menscheleche Schwächen.

Ech zite'eren „Dr. Glaesener, S. 63 am Le Grand-Duché de Luxembourg historique et pittoresque, wo' et héscht: Jean l'Aveugle est le type de la chevalerie du 14e siècle. De tous nos souverains autochtones, il est (malgré ses grands défauts) le plus populaire, le seul dont le peuple ait retenu le nom.“ Ech zite'eren zwétnes de Prof. Arthur Herchen, Manuel d'Histoire nationale, S. 47. Hié sét: „Le moyen-âge a produit peu d'hommes qui réalisèrent, comme lui, l'idéal du chevalier avec ses qualités et défauts. Trop à l'étroit dans son petit comté de Luxembourg et même dans son royaume de Bohême, il se mêle à toutes les affaires de son temps; il se fait le serviteur du droit partout où s'élève un différend entre les princes et les peuples. Tel est, nous semble-t-il, le sens de sa devise: Ich dien et du titre de „Roi de la Paix“, qu'on lui a

donné, bien qu'il fit sans cesse la guerre.

Malgré ses fautes et ses travers, Jean l'Aveugle est sans contredit la figure la plus attachante de notre histoire. Jean avait l'âme haut et fière, c'était une nature vraiment royale, qui se plaisait dans des rêves audacieux et magnanimes ...“ Ech zite'eren endlech de strengsten vun onse Letzeburger Historiker, de Prof. Nic. van Werveke. Hié sét a senger „Geschichte des Luxemburger Landes“, dat bei (S. 180 an 184) „Johann der Blinde war keineswegs frei von Fehlern, aber wir vergessen sie nur allzugerne, wenn wir erwägen, was er für Luxemburg getan. Er war trotz allem für Luxemburg das Muster eines vortrefflichen Herrschers, ein rechter Landesvater, der nur das Beste seiner Untertanen wollte. Das hindert nicht, dass sogar luxemburgische Autoren ihm Fehler angedichtet haben, die bei genauer Sachkenntnis ihm nicht vorgeworfen worden wären ...“

Eso' urdélén ons bescht Letzeburger Historiker iwer de „Blanne Jang“, an eso' urdélét d' d'Ausland, so'weit et onse Letzeburger Nationalheld richtig kennt. Gder we' wor et dann nom gro'sse Weltkrich, wo' eso' vill Riéden gehal go'fen a wo' emmer an emmer vum „Jean l'Aveugle, le plus chevaleresque héros de tout le moyen âge“ Riéds go'ng? A mir Letzeburger sollten ansécht iwer hien denken, an dem mir ons dach selwer er-merkennen matt all onse Féler, ower och onse gro'sse Qualité'ten. We' et vrun circa 100 Joer é'émol bekannt go'f, datt én et gewo', dem Letzeburger Vollek d'Iwerré'scht vum sengem „Blannen Held“ ze stielen, du go'ng a Sturm durch d'ganz Land. Zenter we'ni stét e ganz Vollek op, fir d'Schanken vun engem Reiber an Hochstapler ze reklame'eren? Nén, am Numm vun allen echte Letzeburger so'ssen ech de' Belédé'eg, de' dem gro'ste Letzeburger ugét go'f mam Fo'ss zreck an ech richte' un d'ganz Platz aus e warmen Appell an all Letzeburger, datt é'elo, wo' an onser „Urtegruft“ eso' vill Platz ass, endlech dém sei leschte Wunsch erfölle sollen, dén am Graw keng Ro' fönt, bis hien, we' en et a sengem Testament gewönscht huet, bei senger treie Letzeburger sei leschte Schlof schlofe kann.

L. K.

Onst neit Sportgesetz

Radio-Causerie vum Alex Servais

Och an Dänemark, a Norwegen an an der Schweiz ass d'physesch Erze'ong an de Sport obligatoresch fir d'Jongen an d'Medercher vum 6. bis zum 20. Liéwensjor. D'ärztlech Kontroll fir d'Scho'len an d'Sportvereiner ass an all déne Länner scho lang age'fert. An der Schweiz mussen d'Jongen op Grund vun enger Bundesrätlicher Verordnung vum 1. Dezember 1941 eng Prüfung beston iwer hir kirperlech Léschongsfähigkêit e'er se aus de Scho'len entlöss gin. Durno gin d'Kanner, de' keng Mottelscho'len me' besichen, we' vill Kanner um Land, nach weider erfässt a mussen bis zum 20. Liéwensjor Sport an irgendengem Verein dreihen.

Ons 2 Nopeschlänner Frankreich a Belgien ko'men eppes no an der Beze'ong. Mé zenter dem Versoen vun hirer Arme' am Summer 1940, hun d'Fran'sen gleich erkannt wo' et geféelt hat an hun alles dru gesat fir dat eröm ze huelen. Eng Virbedengong fir eng stark Arme' ass eng kirperlech ausgebild a gesond Jugend. Schon Enn 1941 go'f d'„Education physique“ als Pflichtfach op d'Zensur gesat a beim Auströit aus de Scho'len get en Examen iwer fönnef Sportarten ofgehalen, dorönnen Schwammen a Lichtathletik. An der franséische Scho'len sin als Virberé'ong op de' Prüfung, de so'genannten „Examen de l'Education Physique et Sportive“ all Woch 7 1/2 Stonn Culture physique fir d'Jongen a 7 Stonnen fir d'Medercher virgeschriwen. Dobei awer ass de „Commissaire général aux Sports“ de Colonel Pascol net stoe bliwen an haut trotz viller Resistenz durchgesat dat: 1. all Sportsleit önnor 20 Jor de' un offiziellen Kompetitio'nen wöllen Dél huelen, we' d'Championnaen z. B. de „Brevet sportif national“ muss gemächt hun an 2. all aktive Sportsmann d'„Carte nationale des Sports“ muss hun, durch de' eleng hié startberechtigt göt an zugleich ge'nt Sportonfall och versechert ass. Am Februar vun dem Jor huet de Com. gén. aux Sports och den „Com. gén. à la Jeunesse mat iwerholl an de Sport zum Pflichtfach op den Universite'ten gemächt. Ké franséische éducateur physique ou sportif ka me' eng Ustellung fannen wann en net am Besötz vun engem staatlechen Diplóm ass, de „Certificat d'aptitude à l'enseignement“. De ganze franséische Sportbetrieb stét natirlech vum 1. Scho'ljor un önnor ärztlecher Kontroll de' vum Staat bezuelt gät. Bis zum März vun dem Jor, also we' Frankreich nach ganz besat wor, hu schon 65 „Centres de contrôle médico-sportif“ bestānen.

A Belgien go'f de „Commissariat à l'Educ. phys.“ den 20. Juni 1942 geschāf. Zweck dovun ass we' an allen anere Länner eng énhéleche Sportorganisatio'n a Sportuerdnong an ganze Land, d'sportleche Erze'ong vun der Jugend an d'Ausbildong vun de Sportle'rer, d'Afe'erong vun Sportpäss we' d'Brevéen an den Insigne sportif, d'ärztlech Kontroll, d'Onfallversecherong vun de Sportsleit, d'Beschāfung vun Terrainen, Piscinen, Turnsäll an d'Sportpropaganda. Commissaire général wor de Pierre Daye.

Zum Schluss wöll ech nach 4 Länner zite'eren de' ons e böschen me' weit leien, mé de' ower och net zreck bliwe sin: Italien, Portugal, Rumānien an Bulgarien.

An Italien ass zönter 1942 d'ganz Jugend am Sport erfāsst an d'Lichtathletik eso' we' d'Schwammen als Pflichtfach an de Scho'len age'fert. De „Carnet sanitaire“ ass obligatoresch fir all jong Leit. D'Insigne sportif an de Brevet d'aptitude physique sin erfurdert fir op enger Universite't zo'gelöss ze gin.

A Portugal ko'm den Oemschwong ere'scht zedor, durch d'Schāfung vun engem „Directeur général fir d'sportleche an d'physesch Erze'ong vum portugiesesche Vollek an d'Stärkung vun der Vollekesondhét an de Scho'len.“ De Sportbetrieb ass domat an de Scho'len we' an de Vereiner och hei önnor staatleche Kontroll gestallt gin a göt och vum Staat stark subventioné'ert.

Rumānien huet schon dat Jor virdrun, also 1942 d'Lichtathletik als Pflichtfach an de Scho'len virgeschriwen. Zu gleicher Zeit go'f e „Soussecrétariat pour l'Education physique de la jeunesse et la préparation militaire“ krée'ert, déen als Aufgab huet d'moralesch, d'patriotesch an d'sportleche Erze'ong vun der rumānescher Jugend durchzeféieren. Als 1. Arbecht huet de Soussecrétariat den 12. Oktober 1943 dat neit Sportgesetz dem rumānesche Kongress virg'uegt.

(Gefortgesat)

Aus der «UNIO'N»

Bezirk Letzeburg

D'Unio'n um Lamperberg hat op Cröschtdag eng kleng le'f Feier, fir datt de' Evakue'ert sech net grad eso' verlössen fülle sollten.

De Lamperberg brauch sech net ze schummen, d'Leit all an d'Kanner besonesch wore gळेcklech. Hire Sektio'nspräsident Hommel huet d'Feier ageléed matt deser Riéd:

Le'w Kanner, le'w Evakue'ert!

Viru 14 Dég huet nach ké vun léch alleguerten geduecht e ge'f dest Jor Cröschtdag zu Letzeburg um Lamperberg am Lokal vun der Unio'n matt vill anere, friéme Leit a Kanner, feieren.

We' d'Amikeraner den 10. September matt hire Jankees an hirem ongeheieren Material hir an d'Stad gezu sin, hun de' me'scht ugeholl, de Krich misst spé'tstens Cröschtdag aus sin.

Nodem mer d'preisesch Zaldoten, a matt hinnen de giéle Kretz, vun hei an doiwier, Enn August Ufank September, o'ni Sank a Klank, „Heim ins Reich“ gesin hun ze'en, hu mer gemengt, de Preiss könnit fir ons ni me' eng Gefor gin.

An Zeit vun e puer Dég hat de gre'ssten Dél vun onsem Land e ganzt aner Gesicht. D'Hauptverre'der si vun der Bildfläch verschwonn an an de Gronn spaze'ert, a matt hinnen alles wat dobaussen an de' schreckleche Zeit ernüert huet. D'Leit hun eröm op der d'Stross geläch an o'ni Gefor sech Mo'n a Bonjour zo'geruff, Letzeburg huet eröm de Letzeburger gehe'ert.

Ower dat konnten d'Preisen ons net vergonnen. Fraen, Medercher, Bo'wen an al Petteren, hun se zuzumegeraft, ann an d'Schluecht geeit, a versichen an engem leschte Verzeifungscoup onst sche'nt 'ändchen, ons le'w Hémecht eröm an en ongeheiere Misär ze werfen. An hirem e'schten, massiven Ulaf ass et hinnen och gelongen verschiéde Partien vun onsem Land z'iwerronnen, an se a Feier a Flam ze setzen.

D'Leit hu missen Haf a Gut stönterlech am Plang lossen, fir dat se hir Liéwe läng matt vill Fleiss a Schwe's geschafft hun.

Och Dir sil vun dohém matt eidelen Hänn fortgelag, fir nit nach eng Ke'er an hir bluddeg Hänn ze falen, a sit eso' hei zu Letzeburg ukom. Mir fülle matt Iech we' schwe'er dat alles fir Iech ass; op der aner Seit awer si mer fro', ze gesin, datt Dir all de Misär nach matt courage an Ze'friddenhét erdrod, so'lang Dir als frei Letzeburger otme könnit.

D'Le'd an d'Ongléck vu ville Letzeburger huet ons haut den Owend hei zezummebruecht, a schlé'st ons als Letzeburger eröm me' festzusammen.

Cröschtdag ass jo och dat Fest wo' gro'ss a kleng sech op der ganzer Welt om de Cröschtbémchen, om d'Kröppchen mam Jesuskand, dreckt. Et det de klenge Kanner besonesch léed datt dat aremt Jesuskändchen op hardem Stre' huet misse leien. Sei Papp a seng Mamm woren och fort vun dohém evakue'ert — a hu matt aller Me' de kale Stall zu Bethlehem font als Wunnecht.

Le'w Kanner! Wann dir och haut den Owend nit dohém bei Erem Bémchen an der warmer Stoff setzt, da kann ech iech ower soen, datt Jesuskändchen iech hei zu Letzeburg och net vergiéss huet. Göschter owend ass et hei passe'ert an huet fir all eis evakue'ert Kanner en Teller matt gudde Sächen heigeloss. Zu Letzeburg get ké vergiéss.

An onser helléger Fréd wölle mer ower och un all ons Letzeburger denken, de nach doiwier sin, se'f et an Oemsiédongslageren, Prisongen, KZ-lageren oder soss an zwo'. Mir sin iwerzégt si sin och Gedanken bei ons, a fr'een sech eröm all Dag eppes vun ons iwert Radio Letzeburg ze he'eren.

An eso' wönschen ech dann elo allen Evakue'erten, de Kanner an hire Leit hei um Lamperberg an der Unio'n, an alle Letzeburger iwerhapt, e frédege Cröschtdag.

Bezirk Esch

De'fferdang. — E Sonndég, de 17. 12. 44 hāt d'Unio'n vun De'fferdang hir Membren zu enger Generalversammlung operuff, de' ganz stärke besicht war. De Komerod Nic. Klein fānt d'Versammlung un a biéd eng Minuut un d'Komeroden ze denken, de' fir d'Hémecht gefall sin. Den Här Klein höllt Stellung zude' verschidenste Gerüchter de' kurse'eren, a bemirkt önnor anere, dass eng Leit soen d'Unio'n ass ze streng, de' āner d'Unio'n ass net streng genug. Dass se fir de' eng ze streng ass, dat ass licht ze verstoen, weil dat si méschens der, de' genug matt sech ze din hun, an de besser hätten séch so' ze place'eren, dass nommen ké se geseit. Dénen āner de' soen, dass d'Unio'n net streng genug ass, wöll ech bemirken, dass wat d'Epuration an d'Interne'erong ubelangt, d'Unio'n lirt me'glecht gemäch huet an ömmer mécht wat an hire Kräfte leit. Dir wösst jo all, dass eis Arbecht durch gewösse Kréser gehemmt a saboté'ert get. Dat hält eis ower net af matt eiser Arbecht am Gesén' vun enger neier Zeit virun ze schaffen, a mir wössen, dass dat lescht Wuert nach läng net geschwat ass. Et handelt sech do dröm a geschlossener Frontkêit zuzammen ze stoen an op eis Stonn ze warden. Duer-

fir ass et ze bedauern, dass et nach verschiden Resistenzgruppen gin, de' nach ömmer āner Wée gin an Usichte vertrieiden de' eng e'erlech Resistenz an en unstānnegt Zuzummeschaffen net verāntferte kann. Wullen an Intrige spannen ass vleicht me' licht we' en e'erlech Zuzummeschaffen, awer et si Gott sei Dank nommen Einzelner de' so' knaschtég Arbecht máchen. Ech sin iwerzégt, dass de' gros vun de Membren aus déne Resistenzgruppen ganz anescht denkt, an an isābarer Zeit an de Reihe vun der Unio'n stét. Mir offere'ere jidderengem d'Hand fir matenen ze schaffen, awer mer lossen net zo', dass dobaussen én eis an den Dreck ze ze'en sicut, o'ni datt mir eis wíren.

De Riédner höllt da Stellung zo' der Veréne'ong „Ons Jongen“ De'fferdang, a bemirkt folgendes. Matt Interessi hu mir gesin, dass eis Jongen sech zuzummenfir fir hir Interessen ze vertrieiden. Mir hun am Krich alles wat mer konnten fir se gemét, hu schliesselech selwer misse flüchtig goen. Trotzdem ass d'Arbecht fir si keng Sekund ofgebrach, weil d'war fir d'Resistenz de' hellegst a sche'nst Arbecht, der deitscher Wehrmacht so' vill we' me'glech Letzeburger Jongen ze entze'en. De' mécht vun eise Jongen sin och unstānnege Kadetten. Et get der awer, de' op'triebde a matt Sāche fél gin, we' wann si de' gre'sste Märtyrer gewiescht wíren, dobei waren se bis haut nach net déne Leit merci soen de' se verstoppt hāten. Mir verlänge ké merci, weil dat wat mer gemét hun war nommen eng Flichterfüllong der Hémecht vis-à-vis. Denkt awer un de' Leit wo' der verstoppt sicut, wivill schlo'lo's Nuechten hun se éretwe'gen verbruet, wat vill braf Letzeburger Fraen net alles un Angscht a Surgen ausgestan hun we'nt iech. An dobei war der all versurt we' dohém. Doru muss én och denken, an echenge, schon eleng de' elementarst He'fleckkêitslicht verlāngt et, dass en so' Leit merci soe gét.

De Riédner bemirkt nach eng Ke'er, dass e fro' ass dass d'Jongen sichen hir Interessen vertrieiden, awer et soll en engt Zuzummeschaffe sin matt der Unio'n an am Kader vun der Unio'n. Da sin hir Interessen bestómmt am beschte versurt, an d'Garantie ass do, dass hir Furderongen durchdengen. Wann der an hire Reihen awer sin, we' de' Präsident vun „Ons Jongen“, De'fferdang“, den iwert d'Unio'n hir-fāllt o'ni iwerhapt am Bild ze sin, den eng bestómmt Furf an d'Venéne'ong wāll brengen, den emol net den Anstand opbruet huet, „Unio'ncomitè'membren“ de' an enger vun hire Versammlongen erschenge waren ze begre'ssen, sondern nach aneren geflüstert huet: Loss mer s'eraus werfen, wat en iwrengs emol hāt solle versichen, eso' e Mann sollen ons Jongen froen, wat e bezweckt a wat e wölles huet, a wann e kén ustānnegen Opschloss ka gin, da sollen se so' bal we' me'glech matt em furen.

De Riédner rehabilite'ert dann öffentleche de Komerod Gusty Folscheid, dé' vum e pur Onverantworlecher we'nt enger Pākgeschicht zu Onrecht verieumt ass gin. E kritise'ert scharf eso' e knaschtecht Virgoen, an en hofft, dass so' Fäll sech net widerhuelen, weil soss gin en ge'nt de' Betreffend matt aller Strengt virgoen, wat vum ganze Sall stärke applaudé'ert go'f. — De Riédner get der Versammlog Op-schloss iwert d'Schaffen vun der Organisatio'n am Frankreich, wo'bei e besonesch d'Verdingschter vum Komerod Albert Ungeheuer erwirhiéft, dé' fir seng Letzeburger Hémecht vun de Preisen erschoss ass gin. De Komerod Klein ver-

Arbechter fir d'Landwirtschaft

(Fortgesat vun der 1. Seit)

Schrött hale können. Soll hién dat ower, dann müssen de' me' he'ch Le'n vun him ower och gedroe könne gin. An anere Wirder muss hién eso' gestallt sin, datt den Erdrag vun der landwirtschaftlecher Arbecht et erlart me' he'ch Le'n auszewerfen. Me' he'ch Preisser fir d'landwirtschaftleche Produkten sin duerfir net ze vermeiden.

Mir begreifen, datt am e'schten Ament én dofir zerekshre'ekt. Me' he'ch Preisser fir d'Liéwensmottel bedeiiten eng Deirecht an si erfurderen natirleche och erem me' he'ch Le'n an Gehāller. Mir verstinn durfir och, datt den Hér A. Krier sech am e'schten Ablek net domat offanne konnt. Et notzt ower neischt sech gént eng Evidenz ze striewen. Et huet kén Zweck nach ömmer d'Aen viru gewössen Tatsāchen zo'māchen ze wöllen. Wa mir eng definitiv an eng gerecht Le'song treffe wöllen, da muss mer vum Fong aus obbauen.

De Fong vun der Fro ower ass dén hei: D'Landwirtschaftleche Arbecht ass eng-Arbecht we' all anere Arbecht. Si muss durfir och hire Lo'n fannen, we' all anere, z. B. we' de' de' bei der Industrie gele'scht get. Ob de' Arbecht nu vum Bauer selwer oder vum enger landwirtschaftlecher Arbeiter gele'scht get, ass egal. De' Arbecht fömit ower hiren

sprecht der Versammlog, dass an Zukunft ömmer klore Wein ageschenkt get, weil d'Wo'recht setz sech leschten Enns dach ömmer duerch.

De neie Comité dén du gewielt go'f setzt sech aus dese Männer zuzammen: Nicolas Klein, Henkes August, Weimischkirch Camille, Nic. Kremer, Useldinger J. P.; 1. Ersatz: Bernard Eug.; 2. Ersatz: J. B. Reisch. — E Virschlag vum Member Lommel, eng Pre'fongskommissio'n iwert d'Geschäftsfe'erong vun der Sektio'n anzusetzen, get an der e'schter Comitè'ssitzong besprach.

We'nt der virgerechter Stonn konnt de Komerod Kremer seng Usproch un d'Versammlog net ausféieren, a werd dat an der nächster Versammlog nobuelen. — De Komerod Nic. Klein sét der Versammlog nach émol merci. Matt dem Ofsangen vun der Hémecht beschlé'sst en de interessant Versammlog.

Aus der REDAKTION

D'Resultat vum Preisschreiwgen get an der néxter Freidégnummer publizé'ert; de jury könt e Mottwoch um 16.30 Auer zuzammen an de Büroo vun der Unio'nspress um Lamperberg, Tel. 71-76.

De' neierannt Regironscommissio'n fir den Ortograf könt e Mottwoch 17 Auer an den Büroo vun der Unio'nspress um Lamperberg Tel. 71-76. Pasteurströss fir d'escht zuzammen.

M. K. Lamperberg an un aner. — Er Zo'schriff bringe mer an enger néxter Nummer. Mer komme jo elo me' oft an der Woch.

No Dideleng. — Ere Bre'f vum 20. 12. hu mer dem Z. C. iwerdroen a warden op Aentfert.

D'Redakzio'n mecht op desam Wé den Appell un all Sektio'nen am Land hir direkt dé nei Löschte vun alle Membren an Abonnenten anzesechen an och d'Rechnongen vun 1944. Dat besurgt am beschten dén dé fir d'Verbindung mam Unio'nsorgan ernannt ass. All aner Direktiven krit hie gür zu all Stonn am Redakzio'nsbüro.

D'Adress vun der Redakzio'n an Expeditio'n ass op der Gar zu Letzeburg, nei awenü, Dreckerei Bourg-Bourger, Tel. 28-70. E Pressbüro vum Unio'nsorgan ass och um Lamperberg am Unio'nschaus Pasteurströss, Tel. 71-76. D'Adress vum Pressbüro zu Esch get nach mattgedélt.

Nei erschenge sin:

Faithful Luxembourg to her Liberators.

Den Här Tony Kriers huet durch d'Messagerie Kraus eng allerle'ft Broschür erausgin iwer den Amarsch vun den Allié'ert den 10. 9. 1944.

Dat Wirkehe soll jidferé sech als Souvenir uschafen.

D'Librairie Bruck huet iwer d'Be'rei'ong vu Letzeburg eng Serie Karten erausgin, de' bei kengem Letzeburger félen dirfen.

Ausdrock an dem Preiss vun de landwirtschaftleche Produkten. Gi si me' deier bezuelt, ass d'Arbecht me' he'ch bezuelt, si si me' bölle, kritt d'Arbecht manner Lo'n. Fir d'Preisser vun de landwirtschaftlechen Produkten ze errechnen, muss mir durfir och vum Lo'n vun der Arbecht, de' duerfir gele'scht muss gin, ausgoen. Ob d'bezuelt Arbeitskräfte ugewandt, héscht dat dann, datt d'Preisser fir d'landwirtschaftleche Produkten müssen eso' he'ch sin, datt et dem Bauer me'glech ass deselwechten Lo'n ze bezuelen, we' d'Industrie.

Dat ass de Prinzip, de' muss unerkannt gin. Et ass net z'erwarden, datt grad vun der Arbechterseit durgént Bedenken erhuewe könnte gin. Et ass am Fong o nommen d'Recht vun der Arbecht an d'Recht ob e gerechten Lo'n fir all Arbecht, dat domat gefurdert get.

Mir sin ons wuel bewosst, datt mat der Opfāssong nei Wéeer muss gange gin. Mir wössen och, datt et net licht ass, an datt Upassongen no'twennig sin, de' Schwiregkêten a Mass bringen. Mé et darf én net vru Schwiregkêten zrekshrecken, wann én e stärke a gesonten Fong wölli léen. Dat ower muss mir am neien Lötzeburg, dat mir no dem Sturm, déen ons an desen schwe'eren Zeiten d'ch'erné gerö'selt huet, me' sche'n a me' gerecht wöllen opbauen.

Offiziell MATTDELONGEN

Avis fir de' evakue'ert Beamtén.

All öffentleche Beamtén sollen o'ni Féil hir jetzeg Adress dem Staatsministerium mattdeléen; enert zo'er enveloppe matt der Opschröft „Staatsministerium, Sektio'n fir de Personal, 3 Congregatio'ngsag Letzeburg-Stad.“ De' next Post besurgt d'Expeditio'n.

Datselwecht sollen och all evakue'ert Gemengebeamté máchen incl. d'Le'personal.

De' Adress ass ze schechen un den Här Innenminister, Sektio'n fir de Personal, 3 Congregatio'ngsag, Letzeburg-Stad.

Mattgedélt vum Informatio'nsdengschit vun der Regirong.

Mattdelong iwer d'Weiderfe'eren vun de Wirtschaften de' nom 31. Dez. 1940 nei opgemat resp. op de jetzegen Inhaber iwerschriewe go'wen.

De' Wirt, de' nom 31. Dez. 1940 ermächtigt go'wen hir Wirtschaft eröm opzeman, resp. weiderzeféieren, müssen de' Pobeieren, de' hinnen vun den démols zo'stānnegen Dengschtplazen ausgehānne'gt go'wen der Steierdirektio'n zu Letzeburg aschechen.

Des Oennerlagen gi gebraucht fir d'Aus-schankrecht ze kontrolléieren. Wann se net virgeluegt könnte gin, misst d'Wirtschaft zo'gemat gin.

D'Steierdirektio'n.

Avis.

De Militärkommando huet den Austausch vun alle Correspondenz am In-an Ausland önnorsot. Et kann also ké Bre'f, keng Postkart, ké Pak durch d'Post geschecht gin Et ass och verbeden Bre'f privat weiderzegin, an op d'Coupons vun den Postuweisungen, Bezuelpkarten, Schecks irgend eppes ze schreiwgen. — Nom arréte vum 17. Nov. 1944 gin all Contraventione bestroft. — We'ni de Postverke'ere erem opgét, get nach mattgedélt. — Vum Verbuett ass net betraff den Dengschit vum Ro'de Kreiz matt Belgien a Frankreich.

Mattgedélt vum Kontrollbüro fir d'Press.

Virschro'ften fir d'Circulatio'n.

Vun haut un ass all Laissez-passer a Permis, de' virum 21. Dezember ausgestallt go'f, ongölt. Den öffentleche Verke'ere ass vun elo un folgendermāssen reglementé'ert:

- 1) D'Personen an d'Autoen könne frei an der 6 Kilometer-Zon circule'eren. D'Proprietären vun den Autoen sin awer gebiéden d'Circulatio'n op e Minimum ze beschränken.
- 2) Ausser der 6 Kilometer-Zone göllen des Virschro'ften:
 - a) d'Personen brauchen e neie Laissez-passer déen nom 21. Dezember vum Lokalbüro vun den Civil Affairs ausgestallt ass.
 - b) Fir de Fall wo' d'Ré's am Auto oder am Camion geschitt, ass ausserdem eng speziéll Erlabnis vum Office des Transports fir den Auto oder de Camion erfurdert.

D'Erlabnissen am Auto ze résen gin nommen an Ausnahm'fäll erdét: Membren vum Collège médical, öffentleche a liéwenswichtig Betriber, Ravitaillement an eso' weider. Hir Dauer ass beschränkt op d'Zeit de' fir de' uge'frot Ré'sen oder Transporten erfurdert ass.

Ausgestallt gi se zu Letzeburg vun dem Office des Transports, rue Heine No. 12 an zu Esch vum Office des Transports, rue d'Audun.

3) Am allgemengen Interessi kann all Wön, déen nót am Dengschit vun dénen uewegenannten Persónen oder Service stét, requisitioné'ert gin. D'Wén sin stāne'g zur Dispositio'n vum Office des Transports ze halen.

4) D'Wén vun der Regirong, der Gendarmerie an der Police sin enger spezieller gouvernementaler Reglementatio'n önnorworf.

(Mattgedélt vun der Regirong op Wonsch vun den Allié'erten Militärautorite'ten.)

Grand Vin Champagnisé St. JEAN

Dé gudde Champes ass elo nach ömmer nommen a klenge Quantumen ze beze'en

R. Munhoben & Cie Letzeburg

D'Schreinerrei

Reisdorffer

KAYL, Te'tengerströss

mecht all Schreinerarbechten, propper a gudd.

FORTUNA

eng reng letzeburgesch Spuergenossenschaft délt hierer Kondschaf matt, tatt se hir Guichéen ann hirem Gesellschafstso'tz, Pétrusseng 130 op der iär eröm opgema'cht huet. All Spuerperatio'nen, Abezu'elungen, Ausbezu'elungen gin no de' gesetzeleche Bestómungen virgehóll. Renseignementerratis. So'bal d'Verhāltnisse et erlānen, huelen mer Kontakt matt alle Bezuelpbüroen a Késsiéen.

De Verwaltungsrót.

AUS DEM LIESERKRES

Mir kennen se — — —
D'Zeidong vun der Unio'n vum 11. November 1944 huet mech derzo' verléit, 2 Sächen, de' mer speziell gefall hun, nach eng Ke'er z'erinnern.

1. Den Artikel vun déne ganz schwärze Schof, dé mer zu mengem Artikel verhollef huet,
2. dat wonnerbart Bild vun der rentrée des classes am Jor 1944.

De' Hären, de' kategoresch ge'nt d'Unerkennung vun allen Examen sin, sollen dat Bild nach émol gené studeren. Muss der net lachen, dir Hären? Mengt der net, datt der iech am Jor 1944 bestömmt blame'ert hätt?

Ad 1) De fanateschste Begier vun de Preisen wor, fir d'Jugend vun Land 100prozenteg op hier Seit ze kre'en. Si hu bestömmt keng Möttel gescheit, fir op dém Gebidd ze réusse'ren. Dat beschte Möttel wär gewiescht, onst letzeburger Le'erpersonal, Scho'lmèschteren a Professoren, fir desen deckegen Zweck ze gewinnen. Ké Wonner also, wann se hei mat allen denkbaren an ondenkbaren Möttelen opere'ert hun, fir dat z'erréchen. Mé leider ass et nót eso' gang, we' se geduecht hun. Dat wor de Verdengscht

1. vun eiser Jugend, de' gre'sstendéls den harde, letzeburger Klatzkapp gewisen huet,

2. vun den treie letzeburger Scho'lmèschteren a Professoren.

De' eng hu mat direkter Oppositio'n réage'ert. Si sin fir d'Hemecht um Exécutio'nsplateau önnner de preisesche Kugelen gefall, anerer go'wen an d'Kz-Lager agespart, anerer sin deporté'ert gin, anerer, de' vleicht e bössche me' Gleck haten, waren hei am Land. A vun déne sin der vill gudd Letzeburger bliwen, hun am preiseschen Dreck gewurschtelt, an hu fir hir Hemecht erausgefösch, wat eben ze fösche wor.

D'Jugend huet se kann, all gudd Letzeburger huet se kann. A wann se hu missen op hirem Pult önnner dem dreckege Portrait von all eiser Misär sätzen, wann och émol eng Patt ganz o'ni Begeschterong an d'Lucht gang ass, fir eppes ze weisen, wat evtl. engem Heil-Hitlergro'ss konnt gleichen, aus hiren Aen huet d'Resistenz gelicht, an hir Hérzer hu bestömmt gebludd fir hir Hemecht, well se no baussen net durfte kreischen.

Si wore vun de Preisen dohinner gesat gin, fir dem Beschten, wat mer

haten, eiser Jugend d'Judabés ze gin, an se un de Preiss ze verkaufen. De' am Hierz honnertprozenteg trei woren, hun et net gemäch. Si hun eis Jugend durch de preiseschen Dreck gelét, eraus önnner d'Freihetssonn, de' elo eröm blenkt. Mir müssen dénen dofir merci soen.

A grad eso' we' bei de Scho'lmèschteren a Professoren, so'tzen op anere Plazen am ganze Land gudd Letzeburger am preiseschen Dreck ze föschen, fir irgend eppes Brauchbares fir d'Hemecht eraus ze ze'en. Letzeburg kennt de' och.

Letzeburg kennt iéwel och de' aus alle Beruffer a Stänn, de' net an der Partei woren, de' 4 Jor den Drecksak gespilt hun. Si woren ze lússech fir an d'Partei ze goen a mat der ro'der Spengel dorömmen ze lafen, si haten am Hierz statt Letzeburg der Deiwel. Si si Schold u villem Misär.

Letzeburg kennt och de', de' virum Krich au point de vue Geld a kenge gudd Schong an Huese sto'chen, an de' elo awer als reich, distingue'ert Hären

Die, die im Ausland waren

Wann och elo d'Zeit net soll mat Polémiken vertratscht ginn, müsse mir over nach eng Ke'er dem Escher Tageblatt eng Replique ginn.

De Virworf, onkloer gewiescht ze sinn, ass bestömmt falsch ubruecht, a könne mir ro'eg de Spe'ss ömdre'en an op den eschten Artikel am Tageblatt verweisen, dén alles äneschter we' kloer war. An engem Punkt nömmen huet den Artikelschreier präzise'ert, an dat war a sengen Attacken un d'Adress vun der Unio'n. Et hat eso'guer den Uschein datt irgend e Prétext mat den Horerbeizgunn go'w, fir ge'nt d'Unio'n lasszeschloen.

Onkenntnes vun der wirklechen Situatio'n ass och falsch dir Hären. Mir beruffen ons op d'Aussoen von ö. a. Jung Albert, Jung J. P. an Schmit Nic., de' bis Ausgang März 42 zu La Valbonne woren. Allen drei sinn se vun Bauerenduerf an mat de landwirtschaftlechen Arbechten vertraut gewiescht a konnten trotzdem, we' et schengt, net gebraucht gin. Dat Versprechen over können de' Hären nach ömmer ale'sen, well des Jongen heihém bis elo och nach keng Plaze font hun.

Ons Aussoen iwer d'VDB hähle mir proper oprecht. Et sin jo Fäll bekannt,

dorömmen lafen. Si hu jo zwar vleicht hei an do e klengen oder och alt en decke Betrag fir e gudd Wierk gin, datt se derno de Bockel e bösschen gedeckt hätten (de' pleckt sech jo den Här Finanzminister).

Do ass nach iwerall ze botzen, an zwar, we' de Mann vun Artikel set: „Vun uewen no önnen“. Bei dénen ugefang, de' a gudden Zeiten op de' deck Tromm geschloen hun, duefir jo och gudd bezuelt si gin. (Artikel „De' ganz schwärze Schof“ — Zeidong vun der Unio'n vum 11. 11. 44).

De', wo' d'ganzt Vollek op se gekuckt huet, wat se ge'we mächen, we' et iwer d'VdB. hirgängen ass — de' bei der Ofstömung nömmen mat Zecken hiren Ziedel bei de' aner offen op den Dösch geluet a nach schnell „Letzeburger“ drop geschriwen hun.

De' beim Zreckschecken vun de Kärten — nodém wo' se anerer dozo' gestöppelt haten, fir se fortzeschicken a behapt hun, si hätten se ofgin, hir egen 8 oder 14 Deg fortgescheckt, dat hèscht: dohem verluer haten. Et sin der net vill, mé et sin der. Virum Krich „Vive la France“ — am Krich „Heil Hitler“ — nom Krich „America for ever“! Dat wär ze vill kamo'd.

wo' én Domizilwiesel heihém z. B. duergo'ng Schwierzegkäten z'emgoen, vun freiwölligen Arbechtsversetzongen no Deutschland net ze schwätzen. Wann eso' Procédén hei gezunn hun, ass et och a Frankreich, op besat oder onbesat, gängen, zemol vann de Wöllen bestong sech op irgend eng Mane'er durechzeschloen, we' Tageblatt sech ausdreckt, an én Auto zur Verfügung stét.

Iewregens u wiém hätten de' Hären a Frankreich z. B. dat söllege Gudds verschwände können; wo'mat opgetrompt get, wann d'Unio'n oder d'organise'ert Resistenz vun hei de Stoff, an diesem Fall ons Jongen, net geliwert hätt?

Fir ons ass och elo de Fall erlédegt. Dokumenter können ons Jongen an och mir net virweisen. Opgestalt Leschten hun d'Jonge vernichte missen, well bei hinnen war et we' et sche'nt vill me' gefe'erlech we' bei den Häre vun Tageblatt, de' eso' én ausgiebege Répertoire opstelle konnten. D'Jongen sin over berét dese Fall ro'eg an iwerluegt an der Redaktio'n vun Tageblatt z. B. bei engem Cigare ze diskute'eren.

A. R.

„Eine Antwort“

Op de Bre'f, dén den Her Justizminister Bodson ons vum 12. Dezember datéert, zukomme geloss huet, an den och am „Escher Tageblatt“ mat dem Titel „Zwei Antworten“ publizé'ert go'w, hu mir dem Her Justizminister des Aentwert gin:

Monsieur Victor Bodson,
Ministre de la Justice
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

Nous avons l'honneur de vous acuser réception de votre honoree du 12 crt. Pour éviter tout malentendu, nous nous permettons de vous donner resp. de vous demander quelques précisions.

Faisant certainement allusion à notre article dans l'Union du 8 déc. „Eine notwendige Aufklärung“ vous reprochez à notre chef d'avoir retenu des documents pendant un mois, au lieu de les remettre à qui de droit.

Nos documents concernant les collaborateurs ont été envoyés au Parquet à Luxembourg le 2 octobre, date à laquelle nos prisonniers politiques furent transportés à la prison de Luxembourg. Les autres documents dont question, comme p. ex. ceux concernant la nationalité allemande de certains collaborateurs, ont été remis par nous à la gendarmerie de Mondorf, le dernier à la date du 23 octobre.

En ce qui concerne les démarches faites par un membre de notre comité nous pouvons vous assurer que cette démarche a été faite sans l'autorisation de notre comité et de tous les membres de l'Union de Mondorf. Si vous faites peut-être allusion à une entrevue que Monsieur Schleich a eu l'honneur d'avoir avec vous, nous vous informons qu'il ne s'agissait nullement d'une démarche mais simplement d'un renseignement sur le traitement d'un membre de la LVL qui, au dire même de notre premier „Ortsgruppenleiter“ N. Beissel, avait été forcé dans le parti nazi. („Ech huelen de' Fäll vun dénen, de' an d'Partei force'ert go'wen, all op mech.“) Premier interrogatoire de Monsieur Beissel.

Comme le CC. de l'Unio'n a strictement défendu à tous ses membres de faire une démarche pour un collaborateur nous vous prions de bien vouloir nous communiquer le nom de notre membre qui a fait les démarches en question.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de notre très haute considération.

Unio'n Munref.

Dat elei an dat elo....

Liebet eure Feinde stét an der Bibel. Ech sin zwar kén Theolog, mä ech mengen de' Le'ft kann sech dach nömnen op de gudd Eigenschaften am Mönsh bezé'en. An datt e Landesverreder dér hut, ass bal ausgeschloss.

An der Cröschtnuecht war e puer Mol Alarm. D'Preisen hatten e puer vun hiren deire Flieger erausgeschickt. (Wann eppes rar ass, dann ass et deier.) Wé d'Amerikaner hinnen der e puer erfoggeschoss hun, hu sie sech furchtbar um Radio obgeregt, wo e kultive'erte Mönsh sech önnnerstoe kennt, an der Cröschtnuecht op sei Gegner ze schessen.

Dat schénst Geschenk wat d'Amerikaner ons dé Cröschtdag gin hun, war de' ongeheier Zuel von Avionen, dé vu muerges bis owes iwer der Stadt gefuehr sin.

D'Oktavprozession ass eröm an e puer Mént. Kann én sech virstellen, datt mir dann eröm uechter d'Land an uechter d'Stadt gin an hart a mat Andacht de Ro'sekranz op preisesch biiden. Wann, ad léwer guer net.

D'Preisen dé nach am Land sin, op am Prisong oder nach op freiem Fo'ss, hun an déne leschten ve'erzeng Dég bewisen, dat sie nach émol eso' gefe'erlech sin, we' virdrun. Net nömnen bereien sie guer net hir Schandtate wént dem Krich, mä sie wire berét, d'selwecht ze handelen, wann sie d'Gelénhét nach eng Ke'er derzo' hätten.

Wat soss an der Welt virgét

(Fortgesat vun der 1. Seit)

Ongeren. — Drei Ve'erel vun Land si vun de Russe besat. An dem besate Gebit ass zu Szegedin eng nei ongaresch Regierung proklaméert gin, dé grad ewé d'Bulgaren, d'Rumänen an d'Italiener de Preisen de Krich erklärt hun. An der neier Regierung si nömmen Berufszaldoten. De Ministerpräsident Miklosch huet eso'guer d'Ritterkreiz vun Hitler krit. De Allie'ert werde stolz op so' eng Matthöllef sin. Et wir och interessant ze wössen, op ké vun dene Ministeren Krichsverbrieche ass, dé sech durch des Beflassenhét decke wöllt.

Polen. — No engem offiziellen russische Bericht sin an engem K. Z. Lager zu Lwow circa 700 000 Gefangener vun alle Natio'nen bestialesch hisgeschlucht gin. D'Russe si schon am Gang de ne'deg Enquêtes zu man.

Deutschland. — 27 Millio'ne Preisen konnte Cröschtdag net dohém feiern. Dovu sin 15 Millio'nen ausgebombt. De 24. Dezember waren 7000 Flieger iwer Deutschland. Sie hun iwer 17 Millio'nen Benzin dofir gebraucht.

A Frankreich ass den he'gen Geldömlaf dodurch agedämmt gin, datt d'Regierung en Emprunt de la Libération ausgeschriwen huet. Et sin iwer 150 Milliarde Frang gezécht gin. De' abezuelt Zommen gin net zereckbezuelt, nömmen d'Zensen. Wie vill abezuelt huet, kritt vill Zensen, a konnt sech domadder eng sché Rent sechern.

D'Mairei vu Pareis huet beschloss, d'Minimalle'n vun hire Beamten an Arbechter op 3000 Frang de Mont festzesetzen.

Vatikan. — De Pobjt huet eng Cröschtspruch gehal. De Pobjt hat Gelénhét a kurzer Zeit de' faschistesche, de' preisesch an de' allie'ert Besetzung kennen ze le'eren. Hien tritt bedengungslos fir den demokrateschen Regim an, an dém d'ganzt Vollek d'Méglechkéit huet, d'Regierung vun Land selwer ze beruffen an ze kritizieren an ofzeruffen. Hien ass och derfir, eng international Organisatio'n ze schafen de' d'Flicht huet derfir se suergen, datt ké Krich méglech get. Hén ass och derfir, datt de' schölleg Völker an d'Krichsverbrieche fir d'e'scht bestroft gin, ir én drun denke kann, sie eröm mat an d'international Liewen eranze'eren.

Griechenland. — Well keng Aussicht bestong jé op friedlechem Wé dem Birgerkrich en Enn ze man, ass den Churchill an den Eden op Athen gefuehr, fir persénlech matt der Regierung Papanou an der Resistenz ze verhandeln. Eng Haptforderong vun der Resistenz bestét doranner, datt d'Regierung vun allen Elementer geseibert get, de' matt de Preisen sympatise'ert hun.

Indochina. — De' franzes'ch Regierung huet all Beamtén, Zaldoten a. s. w. de' schon an Indochina waren, opgefuerdert sech ze mellen. Och all de', de' eng indochinesesche Spröch kennen oder de' Photoen hun vun der Colonie, sollen sech mellen, an zwar beim Service des Documents, Hotel Continental, Pareis. Frankreich plangt schon haut, Indochina mat sengen egenen Zaldoten erömzeuweren.

Pazifik. — Den amerikaneschen Admirol Nimitz, an den engleschen Admirol Frazer haten eng Entrevue op dér sie d'Flottenoperatio'nen am Pazifik coordine'ert hun. Et ass méglech, datt a nächster Zeit e gewaltege Coup gént Japan geplangt ass.

Holland. — D'Bro'tratio'n an dém vun de Preisen besaten Holland ass op 85 Gramm den Dag erfogesat gin.

Amerika. — Nordamerika huet am Jor 1944 iwer 90 000 Avioe gebaut.

S.

HÖLLEFF! HÖLLEFF!

D'Lag am Land wor ge'nt d'Enn vun Jor net grad sche'n, wann och haut de leschte preiseschen Zaldot vu letzeburger Buedem verschwonn ass.

Dat ännert over neischt um Misär, an dem haut eist Ländchen leit, a worun et nach jorelang ka knabbelen. Viru 14 Dég woren ongefe'er 30—35 000 Leit evakue'ert, an haut sin et der ongefe'er 75—80 000.

Déne Leit muss mat alle Möttelen geholleff gin. Et get jo eso' vill vun Hémechtsle'ft, vun Affer, vun Engekét a. s. w. geschwat. Mé wuer é kuckt, do geseit én net vill dervun. A fir wat? Well mir hei am Land vill ze vill Schlofhauwen sätzen hun, de' nömmen ént kennen, just un engem Paragraf, an un engem Gesetz hängen ze bleiwen. A wann et da gét, we' de lescht Woch, wann dénen bedréte Leit soll direkt geholleff gin, o'ni Paragraf a Gesetz get, da wössen si net me', wo' aus an an. D'Unio'n huet hinnen awer bewisen, datt et och o'ni Paragraf a Gesetz get. Mir brauche keng Schlofhauwen, haut brauche mir Leit mat Energi an Initiativ, soss kre'e mer t'Kar net me' aus dem Dreck eraus.

Dofir soll haut jidferén sichen fir eisen Evakue'erten ze hóllefen, egal op

D'Unio'nsorgan iwerweist der Zentral-kés vun der Unio'n fir hiren Evakue'erten-Oennerstötzongsfong 50 000 Frang op Neijorsdtag 1945.

wat fir eng Mane'er. Den én mam Kapp, den aner mat den Hänn, an den drette mam Hierz (Geld, Liewensmöttelen, Kleder a. s. w.). An da ge'we mir bewisen, datt mir nach eppes iwreg hun fir eis evakue'ert Letzeburger vun der

Musel, Sauer, Our, an aus dem E'sleck. An hei nach e puer Ide'en, we' mir et könne mächen fir ze hóllefen.

All Beamtén an Arbechter, de' iwer 3000 Frang de Mont verdingen, iwerweisen elo fir Ufank Januar 1 Prozent (ei kann och me' sin) vun hiner Pai op den Önnnerstötzongsfong vun der Unio'n fir de' Evakue'ert. De' Suen kommen den Evakue'erten direkt zu gudd. (An datt fir den 10. Januar schon eng sche'n Zämmchen agelaf ass, soss stöpst et!)


All lélewuere-, Schong- a Klédergeschäfter müssen Uweisung kre'en, dat hire Wuerebestand momentan fir t' allere'scht un di Evakue'ert, an zwar op en Extrabezugschein hin, auszehändegen ass. An datt keng Kloen kommen, datt de' Evakue'ert missten Botter, Speck an E'er oflieweren, oder datt gesot get, et wär keng Wuer me' do! Well soss könnt et virkommen, datt d'Fensteren affe'en, wann net irger, well et sin elo bestömmt keng Zeiten fir Geldgeschäfter ze mächen. Et gét due, wann dat 4 Jor lang goe kont. De' Leit aus der Stad a vom Land, de' net evakue'ert sin, müssen elo net onbedengt all Dag an dese Geschäfte leien. Si an t'Geschäftsleit sollen drun denken, datt si nach en Däch iwer dem Kapp hun, datt si nach e Bett hu fir dran ze schlofen, datt si nach Telleren an Tassen hun fir z'iessen.

All de', de' elo zönter 3 Mént Köschten mat Flésch, mat Botter, mat Geme's, Caffi, Schokola, Zigaretten vun den Zaldoten gehamstert oder gehécht hun, sollen erauskommen mat déne Sächen, an dénen armen Evakue'erten dovun alles mattgin, wat si net brauchen. Déjeneg, de' elo nach eso' vill Appel an aner Uebst dohém hun, sollen dat fir de' evakue'ert Kanner an al Leit eransgin. An datt beileiwen nömme kén e Su dofir ofhöllt.

An dannach e klengt Wuert un eis Hären Dokteren, Zänddokteren an aner. We' wir et, wann si och e we'neg ge'we beidroeen, dodurech datt si di Evakue'ert e we'neg bevorzugt ge'we behandelen Nuecht an Dag firberét wiren, eröm e Sonndesdengst ge'wen afere'en, an och net zevill no der Mönz ge'we kucken? Dat wir och alt e sche'ne Gest!

Eraus a weider virun!!

De Mann vun Tram.



Wann d'Preisser nach emmer so' an d'Lucht gin!

Den Arbechter: „Elo hun ech meng Pai an der Täsch an ech froe mech, ob ech mer e Kilo Briketten oder en halleft Pond Bro't dofir kafe soll.“